

Ons nei Heemecht

(Michel Lentz / Serge Tonnar / Jean Antoine Zinnen)

Ons Heemecht	Ons nei Heemecht
Wou d'Uelzecht durech d'Wisén zéit, Duerch d'Fielsen d'Sauer brécht, Wou d'Rief laanscht d'Musel dofteg bléit, Den Himmel Wäin ons mécht: Dat as onst Land, fir dat mer géif Hei nidden alles won, Ons Heemechtsland dat mir so déif An onsen Hierzer dron.	Wou d'Uelzecht durech d'Wisén zéit Duerch d'Fielsen d'Sauer brécht Wou d'Rief laanscht d'Musel dofteg bléit Den Himmel Wäin ons mécht Dat ass déi Plaz fir déi mir géif Zesummen Heemecht soen Jo dat Stéck Äerd dat mir so déif An onsen Hierzer droen
An sengem donkle Bëscherkranz, Vum Fridde stëll bewaacht, Sou ouni Pronk an deire Glanz Gemittlech léif et laacht; Säi Vollek frou sech soë kann, An 't si keng eidel Dreem: Wéi wunnt et sech sou heemlech dran, Wéi as 't sou gutt doheem!	A sengem donkele Bëscherkranz Vum Fridde stëll bewaacht Sou ouni Pronk an deiere Glanz D'Natur nach ëmmer laacht Fir dass nach muer dat seet all Kand Net just an eidelen Dreem Gi mir gutt uecht op Floss a Land Well hei si mir doheem
Gesank, Gesank vu Bierg an Dall Der Äärd, déi äis gedron; D'Léift huet en treie Widderhall A jidder Broschts gedon; Fir, d'Hemecht ass keng Weis ze schéin; All Wuert, dat vun er klénkt, Gräift äis an d' Séil wéi Himmelstéin An d'A wéi Feier blénkt.	Gesank, Gesank vu Bierg an Dall Der Äerd, déi äis gedroen D'Léift huet e staarke Widderhall A jidder Broscht gedoen Fir d'Mënschheet ass keng Weis ze schéin All Wuert, dat vun er klénkt Gräift äis an d'Séil wéi Himmelstéin An d'A wéi Feier blénkt
O Du do uewen, deen seng Hand Duerch d'Welt d'Natioune leet, Behitt Du d'Lëtzebuerger Land Vru friemem Joch a Leed; Du hues ons all als Kanner schon De fräie Geesch jo ginn, Looss viru blénken d'Fräiheetsson, Déi mir sou laang gesinn!	Dem Frieme reeche mir eng Hand Déi duerch d'Natioune geet Mir deelen d'Lëtzebuerger Land Zesummen an der Freed Mir kruten all als Kanner schon De fräie Geesch jo ginn Loosst viru blénken d'Fräiheetsson Déi mir sou laang gesinn